

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm
Familljeminister weiderzeleeden.

An zwee Méint mécht zu Lëtzebuerg déi éischt Residenz vum Grupp Orpea hir Dieren op, an
dat, obschonns a Frankräich een Enthüllungsbuch („Les Fossoyeurs“) iwwer Mëssstänn a
verschiddene Residenze vun dësem Grupp opmierksam mécht: „*Abandonnées dans leurs
excréments*“, „*laissées sans soin pendant plusieurs jours*“ (zitéiert aus: Le Quotidien vum 27.
Januar 2022, Säit 3).

D'Madamm Ministesch huet an engem Interview mam Quotidien erkläert, datt sech och eng
Orpea-Residenz un d'Gesetz vum 8. September 1998 „*réglant les relations entre l'Etat et les
organismes oeuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique*“ hale muss.
D'Madamm Minister weist awer och drop hin: « *Cette loi ne prend pas le volet humain en
considération. Il n'y a rien sur la qualification du personnel ou les langues parlées par
exemple.* »

An deem Zesammenhank hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

- 1) Wéi eng Méiglechkeeten hunn hei am Land d'Bewunner vun Altersheemer, fir sech
géint eventuell Mëssstänn ze wieren, wéi se am Ablack Orpea reprochéiert ginn? Ass
dru geduecht, fir an Zukunft een Ombudsman fir Senioren an d'Liewen ze ruffen?
- 2) Geet d'Madamm Minister dervun aus, datt och d'Qualifikatioun vum Personal, dat an
engem CIPA schafft, misst gesetzlech gereegelt ginn, fir Mëssstänn, wéi se am
genannte Buch beschriwwen ginn, sou gutt et geet ze verhënneren? Wa jo: Wéi eng
Qualifikatioun misst dat Personal der Madamm Ministesch no opweisen?
- 3) Wéi steet d'Madamm Ministesch zur Iwwerleeung, datt et gesetzlech misst
virgeschriwwen sinn, datt d'Personal vun engem CIPA Lëtzebuergesch schwätze kann?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, appearing to be 'Fred Keup', written in a cursive style.

Fred Keup, Deputéierten